



Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Aiff Christian , 09:48, 22/01/2021

Lëtzebuerg, den 22/01/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

Wéi d'Wort an engem Artikel vum 19te Januar beréicht, hunn de belschen an de lëtzebuergesche Mobilitéitsminister eng Participatioun vun der EU-Kommissioun ugefrot, fir d'Zuchstreck tëschent Lëtzebuerg a Bréissel an de Genoss vun europäeschen Hëllefsgelder kommen ze loossen.

Un der Verbindung tëschent den zwou Haaptstied gëtt zur Zäit nach geschafft. Am Joer 2016 haten déi lëtzebuergesch a belsch Regierung deklariert, dass ab 2023 d'Verbindung sollt an 2 Stonnen a 7 Minutte realiséiert ginn.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Sinn déi deemoleg Ukënnegunge vun 2016, nach bis 2023 realisierbar, oder wäerten d'Aarbechten un dëser Streck sech déi nächst Joren nach weider zéien?
Falls letzteres zoutreëft, wéini mengt de Minister, datt d'Streck Bréissel-Lëtzebuerg an 2 Stonnen a 7 Minutte gefuer wäert ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député





Luxembourg, le 26 JAN. 2021

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
Luxembourg

REÇU
Par Alf Christian, 16:41, 26/01/2021

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°3495 du 22 janvier 2021 l'honorable député Monsieur Marc Goergen, concernant la liaison ferroviaire Luxembourg-Bruxelles, avec la prière de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten,
op d'parlamentaresch Fro n°3495 vum 22. Januar 2021 vum honorabelen Deputéierte
Marc Goergen iwwer d'Eisebunnsliinn Lëtzebuerg - Bréissel**

Während déi grouss Aarbechten un der Stréck Lëtzebuerg – Bréissel op lëtzebuerger Säit ofgeschloss sinn, hängt den Zäitplang op belscher Säit staark hannendran. Well Enn des Joers 2020 ëmmer méi Undeutunge vu belscher Säit komm sinn, dass d'Aarbechten sech op hirer Säit bis 2030 kéinten hinzéien, hunn ech deem neie belsche Minister, dem Här Georges Gilkinet, proposéiert fir déi gemeinsam Initiativ vis-à-vis vum Här Frans Timmermans, Vize-President vun der Europäescher Commissioun a Chargé vum “pacte vert pour l'Europe”, ze huelen an esou d'Verbesserung vun der Eisebunnstreck op belscher Säit méi schnell kënne virunzedreiwien.

No der Fäerdegstellung vun den Aarbechte kann dann e schnellen Zuch déi 2 europäesch Haaptstied mat de Garen Lëtzebuerg a “Bruxelles-Luxembourg” an 2 Stonnen a 5 Minutte verbannen.